

# K o m p u h t e r

Virun dem Dag X war d'Welt nach an Uerdnong. Méng Welt. Méng Haisercherspabeierwelt.


Wantesch iwver souz ech an der Stuff; viru mer, um klunge ronnen Dësch, mäi Bloc mam schluetwäissen Haisercherspabeier, an hannert mer de Beethoven, de Mozart oder de Schubert. Summesch iwver souz ech op der Dëschbänk hannen am Wues. Dernieft um Dësch louch de Kueder ze schlofen. Ronderëm, am Wues, hun d'Märele gepickt, a wann se mol ze kéng goufen, huet de Kueder een Ouer gespëtz an een Andeckel liicht gehuewen. Ech hat en ëmmer am Verdacht, e géing nëmme maachen, wéi wann e géif tompen, an heemlech dem Bick nokucken, deen den Haisercherspabeier lues awer sécher vollgekrozt huet.

Ech sin en Haisercherspabeierfetischist. An de grouse Geschäfte zitt et mech ëmmer an

deen Eck, wou d'Bléck mam Haisercherspabeier op Kéip leien. Haut nach; 't as wéi eng Drog, vun där ee schwéier lass kënnt. Mä ech verbidde mer dee Virwurf, ech wir nach äus dem nonzénge Jorhonnert. Natierlech hun ech am zweeten Hoff op der Schreifmaschinn getippt! Op deene selwechte Plazen. D'Nopesch am Gaart huet d'Geklabbers vun der Maschinn seguer heemeleg fonnt. Sot se mol.

An en anere sot – 't sin lo véier Joer hier, an deen huet sech och nach als mäi „Frënd“ äusgin – , ech kënnt dach nët éiweg sou viru wurschtelen. Ech bräicht onbedéngt en „traitement de texte“. Ech hun déi franséisch Wieder wuel verstanen, mä ech konnt mer näischt drënner virstellen. Mä du as dat Wuert „Computer“ gefall; an de Kierzel „P.C.“ Aha, lo war et kloer!

Wat war kloer? Se wollte mech drukréien, fir den Haisercherspabeier, de Beethoven, d'Bänk



am Gaart, de Kueder, d'Märelen an d'Nopesch ze vergiessen; fir mech uewenop a mäi klunge Büro ze spären, fir do, seguer bel schéinstem Summerwieder, op e Schiirm ze stuurken.

Nëmmen iwvert méng Läch, hun ech deemools geschwuer a mech fest u mäi Bick ugehale a mir am Supermarché mol nees eng zéng Bléck Haisercherspabeier beienee kaf.

„Sou muss de dach alles zwee-, dräimol schreiwen, an dann och nach mat Tippex rëmhantéieren! Maach der et dach méi liicht! 'T geet dach wirklech vill méi séier, du hues ëmmer e proppert Manuskript, an du kanns der et räusdrécken, sou dacks wéi s de wëlls! Herno späichers d'alles op eng Diskett, an du gës der Dréckerei se. Dat gët dach och vill méi bëlleg, wann s d'e Buch méchs!“

Dat war méng Fra. Si as äus dem eenanzwanzegste Jorhonnert a sëtzt de léiwe laangen Dag op engem Büro a spillt virun engem grouse faarwege Schiirm mat enger wäisser Mäus, déi iwverhaapt nët wéi eng wäiss Mäus äusgesäit.

Fir iech et gläich ze plättelen, mäin hobiche Miseler Klatzkapp huet nach zwee Joer duergehalen. Mä d'Gëft souz schon an den Träipen. E béise Geescht huet ugefaangen ze pësperen: Da's dach lächerlech mat deem Schreifmaschinnskaméidi! E „P.C.“ héiers de guer nët! An dann deen Tippex! Eiweg as en ze déckflësseg oder ganz agedréchent. E klaut der dach nëmmen Zäit! Ee klunge Fanger um „P.C.“ gerouert, a schon as den Tippfeeler fort! Wat fäerts d'eigentlech?

„Sief dach éierlech“, huet dee béise Geescht riicht virun, awer lo duurch méng eege Fra geschwat. „Du fäerts just, du géifs dat nët méi léieren. Du bas dach nach vill ze jonk, fir dat nët méi matzemaachen! 'T kënnt een Dag souwäit, dann huelen se keng Manuskripter méi un, déi nët op Diskett geschriwwe sin, gleefer mer et!“


Dat souz. 'T as ee scho Grousspapp. Dat „nach vill ze jonk“ souz; éierlech! An de Gedanken un déi Disketten do, déi ech nët hätt, deen huet sech nët méi verdreiwelooss.

Ech souz do wéi deen aneren deemools; mat engem Wierfel um Rubicon. Mä amplaz iwvert d'Baach ze sprangen, hun ech léiwer mol nach e puer Fëschelcher räusgezunn; kleng Gedichter a Spréchelcher, déi ech mat vill Léift an Haisercherspabeier agewéckelt hun. 'T war Alfaesummer, an eng Kréi souz an der Biirk an huet mech gëextert: „Se kréien dech! Se kréien dech mëll!“

„Mä du keefs en“, sot ech an deem Hierischt zur Fra; „ech kennen näischt dervun, an ech wëll och näischt dervu kennen. A wann e mer op de Sou geet, da geheien ech en zur Fëenster räus!“

Kennt der d'Fraen? Si wësse scho laang, wat gutt fir een as, an se maachen alles äus Léift. Si wëssen, herno as e frou, datt s de him derzou geroden hues; 't as alles Liddregkeet an Angscht, fir sech ëmzestellen.





Op méngem Schreifdësch uewenop hat ëmmer alles séng Plaz. Méng Schreifënnerlag mat enger schéiner Weltkaart drop, de Locher, d'Agrafeuse, méng schwaarz a blo a rout a gréng Bicken, den Tippex....

An dernieft, um niddregen Dëschelchen, méng kleng léif Schreifmaschinn, déi ech virum drësseg Joer bëlleg kritt hat. Jee, 't hat alles séng Plaz an séng Uerdnong.

De Computer war ze grouss fir op deen niddrege Schreifdësch. Wéi en um grouse stoung, war fir mäi ganze Rescht keng Plaz méi. Well 't gët jo och nach sou eppes wéi en „Drucker“!

„Raum déi Regaler do äus“, sot méng Fra, „du bräuchs lo vill méi Pabeier wéi virun, well du drécks dach alles dräimol äus; ech kennen dech. Am Ufank muss de souwisou vill trainéieren! Komm lo, setz dech heihin a fänk einfach un! Ech soen der d'Haaptsaachen; ech hun der e gudd Programm op den „Hard-disk“ gesat, mat deem as alles e Kanner-spill.“

Si stoung hannert mir, ech souz virum Schiirm. Wéi den „Harddisk“ ugemaach gët, dann de „Schiirm“ an dann réischt den „Drucker“, dat hun ech och nach kapéiert. D'Klaviatur gesouch och bal äus wéi déi vun der Schreifmaschinn, se hat just nach eng kéier souvill Tasten.

„Den Harddisk as wéi e Schaf“, sot méng frëndlech Pädagogin. „Am Schaf si vill Gefaacher, an all eenzelt Gefaach huet vill kleng Tiräng. Verstees de?“

„Jo.“

„Maja! D'Gefaacher nënnt een „Directory“ an d'Tiräng nennt ee „Fichier“. Wann s d'eppes schreifs, da sees de dem Computer, ech klas-séieren dëst Manuskript gären an dat an dat Gefaach an an deen an deen Tiräng. Verstees de?“

„Neen.“

Der Fra hiirt konkret Beispill „Gefaach Korrespondenz“ an „Tiräng Steierverwaltung“ hun ech dach awer zimlech séier kapéiert. Mä wéi geet dat lo, fir ze klasséieren, pardon, fir ze späicheren?

Dat war och nach e Kannerspill. Jiddefalls entgéint där Kuelebootsch vun exotesche Begrëffer, déi mer duerno vun hanteru mer op d'Gehirschuel geschloe sin: „Enter“, „Control“, „Alt“, „Shift“, „Insert“, „Home“ ...

„T steet dach alles op den Tasten!“, sot déi Gescheitheet hannert méngem Stull.

„Wat déngt dat mech dann?!“

„Ech explizéieren der et jo! Mä wann s d'et nët anescht wëlls, kanns d'et jo heidran noliesen!“

Mat „heidran“ huet dat Intelligenzbéischt e Buch gemengt, dat direkt beim Computer an der Këscht war. 'T hat eng däusend Säiten a mech derzou bruecht, fir ze schreien: Dat do paken ech ni un, schlo der dat äus dem Kapp! Ech hun nämlech eng intestinal Allergie géint Gebrauchs-anweisungen, fir et mol op gutt lëtzebuergesch ze soen. A mäin Englescht as héchstens um Niveau vum Kohl séngem.

„Bräuchs de jo och nët“, huet méng Léiermeeschtesch hannert mer gefléift, „mir man dat Schrëck fir Schrëck; verléier lo d'Nerven nët gläich!“

Se huet nach eng ganz Stonn däärs Séissholz geraaspelt. Ech hat e Kapp wéi eng Bomm, a lues a lues as mer méng Bomm ëmmer méi wéi e Blindgänger virkomm. „Ech sin einfach ze domm“, hun ech klätzkappesch op de Schiirm geschriwwen. Hei, dat hat seguer geklappt!

„Maja! A lo späicher et!“

„Dat verhalen ech och sou!“

„Späicher et!“, huet dee weibliche 08-15-Schleifer am Op-an-of-gon hannert mer kommandéiert. „Directory: Philo“, „Fichier: Blödsinn“! Allez! An duerno probéiere mer, fir dee Saz zwanzegmol ze multiplizéieren.“

„Multiplizéieren!“, hun ech gemault. Ech hu just nach „Häreberg“ verstanen; d.h. iwwerhaapt näischt méi.

„Hei, kuck mol“, sot déi Fra, déi ech nët méi äusstoe konnt, an déi lo mat zwéin Handgrëffer mäi Saz „Ech sin einfach ze domm“ zwanzegmol op de Schiirm gezaubert huet.

„An äusdrécke geet sou!“

A flang, zweemol mat de roude Fangerneel iwwert d'Taste geflunn, a schon huet den Drucker sech drugehale wéi de Geck un de Bengel: „Ech sin einfach ze domm“. Zwanzegmol!

Wat soll ech soen? Déi Nuecht hun ech vu méngem Computer gedreemt a mer mueres géint véier Auer virgeholl, fir mat der Aaxt dran ze schloen. Géint sechs Auer sot ech mer: Du verkeefs en nees; mat Verloscht, mä e flitt!

Em siwen as d'Fra op hire Büro a bei hire Schiirm mat der Mäus gefuer. „Eng Mäus wëll ech op kee Fall“, hat ech hir gesot. Mä ech si mer an deem Ablack bewosst gin, datt ech domat schon zu all deem anere Krom „jo“ gesot hat.

Em eelef hun ech d'Madame um Büro ugeruff: „Ech hu lo ongefëier eng DIN A4-Säit ofgespäichert, mä ech kréien se nët méi op de Schiirm zréck. Wat soll ech maachen?“

„Wat hues de da gemaach?“

„Wat weess ech?! S'as fort! 'T as alles fort!“

„T as näischt fort! Waart bis ech doheim sin!“

„Sou kann ech nët schaffen!“

„Da géi an d'Duerf en Aperitiv drénken! Oder zwéin, wann s de mungs!“

Ech hu mäin éischt Wierk mat den zwanzeg Sätz an d'Täsch gestach a sin een huele gaangen. Ech hun an de Gaart rof op méng eidel Dëschbänk gekuckt an hun un Zyankali an un e Revolvergeduecht. Ennen op der Dëschbänk louch de Kueder ze schlofen.

Op där Dëschbänk, wou ech haut, zwee Joer méi spéit, mat méngem fonkelneie „Laptop“ sätzen an, den „Handy“ nieft mer, méngem eelsten Enkel eng Geschicht iwwert eng Kaz an eng Kréi schreiwen. Gefaach: „Kanner“; Tiräng: „Storys“.

josy braun

Cartoons: François Didier